## Evangelium vu Christi Himmelfahrt (Joer A)

## Mt 28,16-20

16 Déi eelef Jünger sinn a Galiläa op de Bierg gaang,
deen de Jesus hinnen uginn hat.

17 Wéi si de Jesus gesinn hunn,
hunn si hien ugebiet;
en etlecher awer haten hir Zweiwel.

18 De Jesus ass op si duergaang
a sot zu hinnen:
"Mir ass all Muecht ginn am Himmel an op der Äerd.

19 Duerfir gitt a maacht aus alle Vëlleker Jünger:
Deeft si
op den Numm vum Papp, vum Jong
a vum Hellege Geescht,

20 a léiert si,
all déi Geboter anzehalen, déi ech iech ginn hunn!
Kuckt, ech si bei iech
all Dag bis un d'Enn vun dëser Welt."